Dir Dammen, dir Hären

léw Letzeburger !

Et frét mech iech all am Num vu menge Komeroden begréssen a merci soen ze kennen fier dat zuelrécht Erschingen haut den Nowend.

Er mir nun zu onsem eigentlechem Programm iwerginn, profi té'eren ech vun der Gelegenhét vier a kurze Wieder op de Senn an Zweck vun der Ligue "Ons Jongen" spriechen ze kommen.

D'Ligue "Ons Jongen" ass en g association vun alle Jongen vun dénen Joergäng dé duerch d'Preisen ant' Wehrmacht, Arbéchtsdingscht oder Heimatflack forcé'ert goffen. Et spielt kéng Roll op de Jong dé= serteur, refractaire, sech iwerhapt net anzéhe geloss huet a gleich ugangen ass, zufällech hei an Urlaub war wé d'Alliéert kummen oder och elo erécht no Gefangeschaft oder Befreiong nés hém kent. Dé énzech an alleng Bedingung ass, dass hien gudde Letzeburger war an och blow, trei zur Heémécht an trei zum Land. D'Ligue erstréckt sech haut iwert d'ganz Land mam Setz vum Central Comité zu Letzeburg an huet an all grésser Oertschaften hir sectionen.

Wat sinn nun Senn an Zweck esowé d'Aufgaben vun der Ligue "Ons Jongen"?

1tens. Eng hélech E'erong vun all Letzeburger Jong dé sei Liewen fir Letzeburg ginn huet oder a preisesch Uniform gezwongen gefâl ass. Aus dém Grond bieden ech iech,iech vun äre Platzen ze er= hieven an un ons gefâle Komeroden ze denken........

Merci!

Als 2te Ponkt vun onsen Hâptpflichten hu mir d'gégensei= tég moralesch a matériel Ennerstetzong. Déne Jongen ze hellefen dé haut schlecht dru sinn, well hir Familien nach emgesiedelt oder Papp a Mamm am ConzentrationsLager setzen. Et geht net dass eso e Jong haut op den Armebüro oder soss an zwuesch héschen a gemeren muss goen. Genau wé mir a Russland én dém aneren gehollef, dat lescht Stéck ge= fruerene Kamess gedélt hun, genau eso welle mir och haut dém Frend ennert d'Ärm greiffen bis et him erem besser géht. - Mir wellen och all dénen hellefen dé duerch d'Anzéhen op hirer Arbecht,op hirem Hand= wierk oder Studium zeréck gesat goffen. Et geht net dass dé éng profi= té'ert hun wé dé aner firt d'Land gelidden an elo op dénen hire Plat= ze setzen, während dén dé fier Letzeburg geaffert huet op der Strôss leit oder erem vier ufänke muss. Weider ass et och eng Selbsverständ= lechkét dass mir fir dé Jonge Suergen an asetzen dé am Maquis oder a preisesch Uniform forçé'ert, verwond oder un hirer Gesondhét geschie dégt si ginn.

3tens, Stelle mir d'Erfâssong vun alle letzeburger Jonge op dé sech a Gefangeschaft, vermesst sinn oder sech nach haut an Deit=

schland befannen, an hellefen aktiv a mat alle Kräften um Hémhuelen vun hinnen. Dat selwecht geld och fir onse Komeroden hir Emgesiedelt.

4tens Welle mir eso gudd wé et géht an esoweit et an onse Krâfte leit eis dankbar erweisen géngt dé Leit dé eis gehollef hun wé mir ons duercht d'Bascht gemat hun. Mir dénken an hoffen dass bal de Moment do ass wo mir tatsächlech en Dél vun onsen Verpflichtongen géngt sie kennen alésen: well, ganz ass et ons nie méglech. Sie waren et dé tatsächléch un der Défait vum Preis dél geholl hun, dé hirt Liewen ant Spiel gesat hun, dé net no Frâ a Kand, Gud a Vermégen ge= kuckt sonnesch nemmen eng Aufgab mé sech gestalt hâten: Letzeburg ze déngen, de Preis hellefen ze schloen!! Wa sie all net gewiescht wiren hätte mir net kennen de Wé an de Maquis ergreifen, ons der preisescher Uniform entzéhen oder als Refractairen dem Preis ze schueden, den Allié'erten ze hellefen a wieren och haut nach net hei. Sie stinn mat dén Alleréschten an de Rei'en vun déne Beschten dé mat Recht a mat Stolz op dat nés freit Letzeburg op d'Zukonft vun onser léwer Hémecht kenne kucken. Hinnen all, ugefangen bei dénen dé duerch Verrod oder preisesch Kugel d'Ro' vum letzeburger Helde schlofen, dé dé am KZ Lager an Prisong gelidden an nach leiden an dé dé haut ennert ons sinn a merci, en einfache merci vun all ménge Komeroden, awer a merci dén déw aus onsen Hierzer kent an dé mir nie vergiessen.

Als nächste Ponkt welle mir dé Frendschaft oprecht erhâlen dé an der Friemd ennert ons Letzeburger entstân ass. Et wär bestemmt a grosse Schued wann dé Komerodschaft dé sech op frieme Buedem a Russland, Italien, Frankreich an Deitschland oder am fieschte Gruev wann d'Granaten iwert ons geflitzt sinn entstânen ass erem géf vergoen Speziel elo wo et héscht ons Land erem opbauen, ze réngechen an eng besser Athmosphär an onser Héméćht hier zestellen, welle mir énég a fest ze summe stoen a besonnesch mir dé all beréts haut fiert d'Land gelidden a geaffert hun.

Am weideren Obbau vun der Ligue "Ons Jongen" sinn och E'remember virgesinn. E'remember kann all Letzeburger ginn, dat héscht all gudde Letzeburger, well mir lossen net zo dass fleit dé Hären,dé sech bei de Preisen duerch hirt Spendé'eren a gudden Numm gemat hun elo versichen dat selwecht Spielchen nés ze dreiven. Mir setzen eise ganze Stolz a ganz E'er dran dass an de Rei'e vun onsen E'rembern wo dé vun déne Beschte stinn och weider nemmen dé Gudd kommen a sech ké Feigling oder Farisä'er era schmoggelt. Ech bieden all brave Letze= burger sech mat engem vun onse Memberen a Verbinndong ze setzen duerch dén him dann seng E'rememberkârt, wa sie him zukent ausgehändégt gett, op dé den Dréher stolz a sie Beweis vu sengem letzeburgeschem Ver= hâlen während der preisescher Occupationszeit ass.

Dat wier a grossen Zich esoweit de Senn an den Zweck wé d'Aufgaben vun onser Ligue a mir gingen dann zum Programm vun onsem owend iwer. Mir hun desen Owend organisé'ert well mir duerch den Erlés onsen an Not sinne Komeroden direckt wellen hellefen, awer och fir dass mir no langer Zeit vun Ausernéngerasssinn, vu Verdross a Miser nés erem op onsem Buedem a puer fro'h a leschtég Stonne welle mat iech verbrengen.

Eso weit et ons méglech war hu mir onsen Orchester an Akteuren aus égenen Kräfte gestalt. Hinnen alleguer merci. Merci awer och dénen, ech dénken un ons Aktrissen, un onse Regisseur den Här Sonntag Louis mat senge Leit an un ons Solisten an Instrumentalisten dé duerch hier berét an opferwellég Matthelef dozo beigedroen hun aus onsem Owend dat ze machen wat mir wollten.

Zu onsem Theaterstéck wier nach ze bemierken, fier even= tuel Messtänn a fleit Verwielongen fierzebauen, dass et sech em dé Zeit vun 1919 handelt wé démols d'Amerikaber hei waren. Leider war et ons net méglech eng amerikanesch Uniform vum 14ter Krieg opzedréi= ven eso dass mir ons mat enger vun elo hu missen begnügen.

Zum Schluss wenschen ech iech dann alleguer a fro'hen a löschtéchen Owend ze summen mat onse Jongen.